

## Discours Pot des Présidents 19 avril 2022

*Seul le discours prononcé fait foi*

Dir Dammen an Dir Hären vun der Regierung,

Dir Dammen an Hären Députéiert

Leif Eieregäscht,

Leif Frënn vum Lëtzebuenger Handwerk,

Dir Dammen an Dir Hären,

Et ass e gutt Gefill op dëser Plaz erëm a Gesiichter kucken ze kënnen et ass e gutt Gefill, dass mer op mannst dësen Deel vun eiser Normalitéit zeréck hunn. Dofir ass et den Verrieder vun der Chambre des Métiers an der Fédération des Artisans och eng grouss Freed iech haut den Owend um traditionellen Pot des Présidents vum Handwerk begrëssen ze kënnen, och wann dëse Rendez-vous aus bekannten Grënn e puer Méint méi spéit stattfënnt.

De Pot des Présidents ass d'Geleenheet fir iech d' Situatioun am Handwerk ze beschreiwen an e puer Iwwerleeungen an dësen dach exzeptionellen Zäiten mat op de Wee ze ginn.

Dir Dammen an Hären,

Mir kommen och op dëser Plaz net dolaanscht fir de Constat ze maachen, dass mam Iwwerfall vun Russland op d'Ukraine de 24. Februar eng nei Zäitrechnung ugefaangen huet. Et gëtt eng Zäit virum 24. Februar mat Problemer an Erausforderungen, déi mer kennen an et gëtt eng Zäit nom 24. Februar mat politeschen, wirtschaftlechen an sozialen Erausforderung vun deenen mer d' Ausmooss op den Dag vun Haut nach net gräifen kënnen.

Virum 24. Februar hate mer nach akut mat den Auswierkungen vum Virus ze dinn.

An de leschte 2 Joren hunn mer vill geléiert a mir hunn vill Léiergeld bezuelt. Ënnert dem Stréch sinn mer zu Lëtzebuerg bis elo net schlecht duerch d'Pandemie komm. De Statec seet, dass d'Ménagen finanziell net gelidden hunn. Um Niveau vun de Betriber konnte mer Strukturen an d'Aarbechtsplazen erhalen, och wann mer eis agestoen mussen, dass mer geschwächt an ouni Reserven aus dëser Episode erauskommen.

Dir Dammen an Hären,

An der Pandemie sinn mer zesummen geréckelt an hunn eis solidaresch gewisen. D'Regierung huet hier Verantwortung iwwerholl a wichteg Mesuren séier decidéiert an ëmgesat.

Eis als Handwierk fält keen Zack aus der Kroun fir dat unzeerkennen. Vill Regierungsmemberen waren un dem Effort bedeelegt. Zu Lëtzebuerg ginn et jo vill Stëmme, déi am léifsten hätten d'Politik an d'Ekonomie géifen net mateneen schwätzen. Aus eiser Vue ass et awer grad well d'Politik an d'Ekonomie mateneen geschwat hunn, sech coordonéiert hunn an sech vertraut hunn, dass mer des Epreuve gutt gemeeschtert hunn.

Dofir well ech op dëser Platz der ganzer Regierung an hiren Equippen Merci soen. Och en groussen Merci un onsen Ressort-Minister Lex Delles . Mir hunn hien als kompetenten, éierlech interesséierten an handlungsorientéierte Mensch kenne geléiert, den ëmmer do war fir Léisungen ze fannen an se séier ëmzesetzen.

Mir sinn hei um Pot des Présidents. Dofir wéilt ech och de Präsidenten an all gewielte Verrieder vun de Verbänn a vun der Chamber merci soen. Dat sinn méi wéi 300 Fraen a Männer, déi sech éierenamtlech fir hier Beruffer asetzen, déi sanitär Konzepter ausgeschafft hunn, hier Memberen informéiert a sensibiliséiert hunn, fir dass mer esou schnell wéi méiglech ënnert gudde Konditiounen erëm schaffe konnten. E merci och un eis Mataarbechter hei am Haus, déi den Betriber zur Säit stoungen a der Regierung de Feedback vum Terrain geliwwert hunn.

Dir Dammen an Hären,

Et gëtt e klaren Zesammenhang tëscht enger performanter Ekonomie, gesonden Staatsfinanzen an héichwäertegen öffentlechen Déngschtleeschungen, zu deenen och de Gesondheetssecteur gehéiert.

Trotzdem ass et eng Tatsaach, dass d'Pandemie nach massiv Verwerfungen fir eis Betriber matbréngt. Mir Liewen an enger globaliséierter Welt a Problemer an enger Regioun hunn direkt Auswierkungen op all Regiounen. Produktiounen sinn deelweis nach net erëm voll ugelaft, Liwwerketten sinn gestéiert, Matière première 'en sinn rar an déier. Demande ass do, mais d' Offer kennt net no. Resultat ass dass mir am Moment eng Inflatoun hunn, wéi se mer säit 40 Joer nach kéng haten.

Steigend Käschten, steigend Inflatoun, vill Ausfäll um Niveau vun de Léit, vill Problemer an der Produktioun.

Dat war d'Situation virum 24. Februar an den Ausbléck war zu dem Ament schon net gutt. Pandémie war an ass schlëmm. Mais et ass eng Paranthese, mat engem Ufank an engem Enn a mir konnten eis mat drop verloossen an eng Zort Normalitéit zeréckzefannen.

Wat mir elo erliewen huet eng aner Qualitéit.

Säit dem 24. Februar ass Krich an Europa. Russland probéiert mat Gewalt an enger Brutalitéit, wei mer se eis net méi virstellen konnten, Grenzen an Europa ze verréckelen. Mënschen stierwen. Existenzen ginn zerstéiert. Milliounen Leit - haaptsächlech Fraen a Kanner -sinn op der Flucht. Dat geschitt op eiser Hausdier. Dat geschitt an Europa – am Raum vun Fridden a Wuelstand op den mir eis méi oder manner blann verlooss hunn. Fridden a Wuelstand sinn elo keng Selbstverständlechkeet méi, mais eppes fir dat mir - am iwwerdroenen Sënn - kämpfe mussen .

Well eng militäresch Interventioun keng Optioun ass, huet Europa an vill aner Länner op der Welt wirtschaftlech Sanktiounen ergraff, déi Russland mëttelfristeg schwäche wäerten awer à l'immédiat net dozou féieren, dass déi russesch Aggressioun ophält.

Obwuel, dass de Krich sech militäresch op d'Ukraine begrenzt, sinn d' Auswierkungen weltwäit ze spieren. Sanktiounen, déi mer mat Rescht geholl hunn, treffen och eis. Dat mierke mer am Moment besonnesch am Beräich vun der Energie.

Eis Virstellung, dass mir eis duerch d'Globalisatioun zu engem groussen regelbaséierten Raum mat universellen Wäerter entwéckelt hunn, war eng Illusioun. Lëtzebuerg ass weltwäit e vun de gréissten Gewënner vun dëser Globalisatioun, a Lëtzebuerg riskéiert zu de gréissten Verléierer ze zielen, wann mir zeréckfalen an eng Welt déi an Aflosszonen opgedeelt ass, déi

sech ënnerteneen net trauen an mateneen konkurréieren. Och an Europa wäert en aneren Wand blosen. Däitschland huet ugekënnegt ab elo 2 Prozent vun hirem PIB an Defense z'investéieren. Mir wäerten eng europäesch Verdeedegungspolitik brauchen an zousätzlech Moyën 'en an eis Defense investéiere mussen. Finanziell Mëttelen déi langfristeg op anere Plazen feelen wäerten.

Dir Dammen an Hären,

Ech well keen laangen Exkurs halen, iwwer Zesammenhäng déi dir schonn kennt. Lëtzebuerg ass e Land mat spezifischen Interessen a mir mussen zur Kenntnis huelen wat an der Welt geschitt a mir mussen op déi Entwécklungen och reagéieren, virun allem op de Punkten wou mir Afloss hunn an eegestänneg handeln kënnen.

Tatsaach ass leider, dass sech Lëtzebuerg als Standuert schonn méi laang net méi positiv entwéckelt. Ech wëll net am Numm vun der Finanzplaz schwätzen, mais et ass onbestritten, dass an dem Secteur d'Quell vun eisem Wuelstand ze sichen ass. Zuel vun de Banken huet sech an de leschten 20 Joer quasi halbéiert. Am Beräich vun den Investitiounsfongen ass den Undeel, déi zu Lëtzebuerg enregistréiert sinn vun 76 Prozent op 57 Prozent erofgaang, während Irland am selwechten Zäitraum vun 13 Prozent op 33 Prozent erop gaangen ass. England ass am gaang eng aggressiv Konkurrenz zu eiser Fongepfaz opzebauen, déi net méi un dat europäescht Reegelwierk gebonnen ass.

An de verschiddeenen Kompétivitéitsindexen ginn mer an de leschten Joren no hannen duerchgereecht, während mer wat Salairen an d'Sozialausgaben betreffen ganz uewen léien.

Eng Industriepolitik ass zu Lëtzebuerg just nach ganz schwéier ze maachen, well d' Akzeptanz ze feele schenkt. Mëttelstännesch Betriber kréien hier Aarbecht net méi organiséiert a gehéieren zu de mannst rentabelsten a ganz Europa.

Ouni wettbewerbsfäheg Economie, ouni Produktivitéit, ouni Innovatioun, ouni auslännesch Investitiounen wäert de Liewensstandard zu Lëtzebuerg erof goen. Do gëtt et leider keng Ausnam well mir dat klengt a léift Lëtzebuerg sinn oder well Gewerkschaften an d'Regierung an der Tripartite decidéieren, dass global Spillreegelen zu Lëtzebuerg net gëllen. Mir mussen eis bewosst sinn, dass eisen wirtschaftlechen Erfolleg, un dem déi héich Paien an de Sozialstaat hänken, keng Selbstverständlechkeet ass. Selbstgefällegkeet ass an dem Kontext e schlechte Beroder.

Esou Deséquilibere kann een eng Zäit laang iwwerbrécken, mais änlech wéi an der Klimadiskussioun riskéieren et och héi zu sougenannten Kippunkten ze kommen, wou mer ganz séier an eng komplett aner Situatioun erakommen, déi leider net positiv wäert sinn.

Op déi mëscht Facteuren, déi eis d'Liewen an eis Ekonomie zu Lëtzebuerg beaflossen, hunn mir iwwerhaupt keen Afloss.

An der Konstruktioon spillen Präisser vun der Matières Premières verréckt. Holz plus 50 Prozent, Metall plus 50 Prozent a mé. Betriber hunn Problemer Projet'en ze chiffrieren a dem Client e Präis ze maachen, den muer falsch ass. Des Praisshaussen kennen dem Client net 1 zu 1 refakturéiert ginn. Wann mer wëssen, dass e Baubetrieb an der Moyenne eng Marge bénéficiaire vun 3,5 Prozent huet, brauch en net vill Phantasie fir ze wëssen wéi et de Moment am Secteur ausgesäit.

Am Liewensmëttelhandwierk gesäit et änlech aus. Miel + 30 Prozent, Botter + 40 % Randfleisch + 40 Prozent. Des Betriber brauchen awer och vill Energie fir ze killen an ze produzieren. Et sinn och nach ëmmer manner sozial Evenementer wéi gewinnt an duerch den Homeoffice sinn manner Léit an de Geschäfte.

D'Mécanique kämpft schonn méi läng mat Liwwerproblemer vun den Autoen wéinst feelenden Elektrochippen an aneren Komponenten.

Am Beräich Mode-Santé-Hygiène berichten d'Betriber, dass d'Chiffres d'affaires zeréckgaangen sin well vill Léit nach zécken.

Dobäi kennt am Moment nach e ganz héijen Absenteismus, den Betriber zousätzlech belaascht.

Dir Dammen an Hären,

Well mer bekanntlech eis Lounentwécklung zu Lëtzebuerg net un Produktivitéit bannen, wéi dat an all aner Land vun der Welt de Fall ass, mais un d'Inflatioun, déi mer net kontrollieren kennen, sinn mer an enger Situatioun wou bannen 12 Méint 3 Indexranchen erfaalen kéinten.

Déi Indexranchen treffen op geschwächten Betriber, déi mat enger Explosioun vun hiren Käschten, mat Liwwerschwiergeketen a mat enger feelender Visibilitéit ze kämpfen hunn.

Um soziale Plang sinn mer eis jo eens, dass den Index d'Lounschéier mechanesch

auseneendréift an dass doduerch déi Ménagen mat schwaachen Akommes, vun deene mer esou gären schwätzen, ofgehang ginn.

Dir Dammen an Hären,

Mir hunn eng Sëcherheetskris, eng Inflationskris an eng Energiekris. Virun dem Hannegronn as Enn März Tripartite zesammengetrueden fir eng koordinéiert Äntwert op déi Défien ze fannen an huet schlussendlech och een Accord fonnt.

Besonesch wichteg fir Betriber ass de Kompromëss beim Index. No der Tranche, déi elo am Abrëll erfall ass, gëtt déi Tranche déi normalerweis am August soll kommen op Abrëll 2023 verréckelt. Sollt et 2023 nach eng Tranche kommen, gëtt och déi op Abrëll 2024 verréckelt. Déi Tranchen wäerten wéi doen, an ech weess och net op all Betriber domat wäerten eens ginn. Trotzdeem bréngt eis dës Regelung eng gewëssen Visibilitéit op déi nächst 2 Joer, wéinstens wat Lounkäschten betrëfft.

Besonesch energieintensiv Betriber sollte punktuell gehollef kréien. Dofir sinn och Aiden fir Baubetriber a Betriber aus de Liewensmëttel virgesinn an et soll en allgemengen Kader geschafe ginn fir den Betriber bei der Transitioun énergétique ze hëllefen .

Mir bedauern dass dësen Accord net vun allen Sozialpartner mat gedroen gëtt an mir stellen ons Fro, wéi et mam Sozialdialog op héichstem Niveau soll virun goen, wann een Partner mengt e misst an enger absolutter Krisensituatioun mat Maximalfuederungen operéieren, net zu Kompromesser bereet ass, an offensichtlech och net fäeg ass, Défi'en déi sech dem Land stellen als Realitéit unzeerkennen.

De Pak, den Regierung finalement mam Accord vum LCGB, der CGFP an der UEL op den Dësch geluecht huet, ass 830 Milliounen schwéier.

Dir Dammen an Hären,

Et sinn exceptionnell Zäiten an Regierung huet missen handelen. Trotzdem sinn dat Steiersouen. Dat sinn nei Staatsscholden déi mir alleguer wéi mer hei sinn zeréck bezuele mussen.

Dir Dammen an Hären,

Dat politescht Ëmfeld op der Welt ass onstabil ginn an d' Energiepräisser wäerten an Zukunft weiderhin staark fluktuéieren. Den Wettbewerb tëscht de Länner ëm begrenzten Ressourcen gëtt méi schaarf. Mir kennen net méi vun eiser Regierung oder vun eiser Ekonomie erwaarden, dass mer all Mensch op Dauer vun allem wat op der Welt passéiert ofschiernen kennen andeems mer alles kompenséieren, indexéieren an ajustéieren. Dat wier e Versprieche wat net ze halen ass an och net nohalteg wier.

Dir Dammen an Hären,

Trotz oder grad wéinst deenen Problemer ass elo net de Moment komm fir d' Bengelen bei Tromm ze geheien. Mir brauchen en Zukunftsmodell fir Lëtzebuerg a mir müssen konsequent op de Punkte agéieren wou mer eng Handhab hunn.

Mir hunn als Lëtzebuerg enorm Défi'en an ech hoffen mir hunn de Courage, déi Défi'en beim Numm ze nennen an d'Ambitioun déi Défi'en zesummen unzegoen.

**Mir hunn en ekonomeschen Défi:** Den Ëmstand, dass mir déi héichsten Paien op der Welt bezuelen an de generéisten Sozialsystem hunn, ass keng Sozial- oder Gerechtegkeetsfro. Et ass eng Fro vun ekonomescher Leeschtungsfäegkeet a vu Kompétitivitéit vum Standuert Lëtzebuerg.

Et ass eis zu Lëtzebuerg net gelongen eng seriö a faktebaséiert Debatt iwwert eis Kompetitivitéit an Produktivitéit ze féieren. Gewerkschaften wëlle net, Politik traut sech net also ass et keen Thema.

Dir Dammen an Hären et ass en Thema, ob mir wëllen oder net. Grad elo an dëser Situatioun.

Mir wëllen kéng Croissance. Ok. Mais wat kennt amplaz? Mir gesinn eis Finanzplaz kritesch. Ok. Wat ass d' Alternativ? Mir wëllen manner schaffen. Ok, wien mëscht d'Aarbescht an de Mëttelstännege Betriber a wéi sollen déi Betriber sech organiséieren?

Mir brauchen eng seriö Debatt iwwert de Business Model Lëtzebuerg, iwwert eis Uspréich an iwwert dat wat mer bereet sinn ze leeschten fir des Uspréich z'erfëllen.

### **Mir hunn en energeteschen Défi**

Den progressiven Ausstig aus Ueleg a Gas ass net just e klimateschen Enjeu mais eng Fro vun regionaler Sécherheet a och vun Kompétitivitéit. Als Secteur sinn mer eis dëser Tatsaach

bewusst. D'Handwierk spillt eng zentral Roll am Beräich vum Wunnengsbau an am Beräich vun der Renovation Energétique. Mat eisem Centre de Compétences an dem IFSB bereede mer eis Mataarbechter schonn säit Joren op den Défi fir. Och d'Chambre des Métiers ass schonn säit Joren an der Qualifikatioun vum Secteur engagéiert, notamment mam Label "Energie fir d'Zukunft +", deen dëst Joer erweidert gëtt mat neien Sujet'en wéi Gesondheet, Nohaltegkeet an Smart Energy.

Den gesamten Secteur vum Handwierk ass elo schonn gutt opgestallt, well een ganz fréi erkannt huet, dass et eminent wichteg ass, iwwerall wou nëmmen méiglech d'Energietransitioun ze acceleréieren. Déi selwecht Acceleratioun erwaarde mir och an der Elektromobilitéit wou den Engpass sécherlech net méi bei den Autoen läit, mais bei den Infrastrukturen.

Mir müssen an eise Betriber un de Prozesser schaffen fir och do, wou et méiglech ass, op elektresch ze wiesselen an fir méi effizient ze ginn. An dem Kontext begrësse mer och, dass nieft dem Klimapakt fir Gemengen elo ech e Klimapakt fir Betriber geschafe gëtt, deen transversal soll d'Entreprises begleeden an zur Säit stoen. Doniewent dierf awer eng sektoriell Expertise net feelen an soll als complémentaire Approche den politeschen Ambitiounen Rechnung droen. Dowéinst schaffen d'Fédération des Artisans zesummen mat de Mëttelstandsorganisatiounen, Chamberen, der Encevo a verschidden Ministèren un enger Energy Transition Plattform wou mir eis technologesch an ekonomesch Kompetenzen wëlle ginn fir d'Transition Énergétique an de Betriber séier virun ze dreiwien.

Mir sollen awer och net d'Industrie vergiessen. Lëtzebuerg brauch eng staark Industrie an d'Industrie as en wichtigen Client fir d'Handwierk. Europa brauch eng staark Industrie. Mir wäerten och an Zukunft nach Gas brauchen wann och manner. Déi 2 autoritär Regimier an China an Russland demonstréieren hier Eenegkeet an alle Beräicher. Wëllen mir eis muer vun de Chineesen erpresse loossen, wëll Europa keng Industrie méi huet. Soll Chemieindustrie auswanderen, well d'Energieversuergung an Europa net geséichert ass?

Energie däerf keng Waff an keen Drockmëttel sinn. Dofir musse mer eis wat d'Fournisseuren ugeet diversiféieren an selwer méi a méi autonom ginn.



## **Mir hunn e sozialen Defi:**

Mir hunn e performanten Sozialsystem zu Lëtzebuerg. Dorop sollte mer stolz sinn. Fir den Sozialsystem z'erhaalen sollten mir bei den Hëllefen fir Leit vill mei selektiv virgoen. Mir müssen ophalen Politik mam Sozialen ze maachen an mir sollten ufänken eng richtig Sozialpolitik ze maachen, déi deenen hëlleft, déi et am néidegsten hunn.

Mir müssen och Deutungshoheit iwwert dat wat SOZIAL ass zeréck an Politik kréien an net ausschliisslech den Gewerkschaften dat iwwerloossen, déi soss näischt maachen wéi knallhaart Lounpolitik ënnert dem soziale Mäntelchen ouni Rücksicht op Verloschter, wéi mer kierzlech erëm feststellen konnten.

Dir Dammen an Hären,

Erlaabt mir nach een lëscht Thema unzeschwätzen, wat ville Léit ganz Uewen läit.

Logement ass e Thema, wat effektiv immens vill Léit zu Lëtzebuerg ëmdréift . Déi héich Präisser am Logement sinn e Problem fir jonk Stéit awer och e Problem fir d'Betriber déi duerch des héich Präisser net méi attraktiv sinn fir Léit déi op Lëtzebuerg wëlle schaffe kommen. Konsequenzen heivun ass den enormen Drock op d'Léin. Betriber kennen de Logementsproblem awer net léisen a Praisspreng vun 10 Prozent a méi kënnen net iwwer d'Paieren kompenséiert ginn. Dat eenzegt war do hëlleft ass e massiven Ausbau vun der Offer.

Mir begréissen all steierlech oder och soss Mesuren déi Terrain'en op de Marché bréngen. Mais déi Terrain'en müssen awer dann och kënnen schnell bebaut ginn.

Do schwätze mer jo schonn laang driwwer. Genehmungsprozeduren verschlanken, beschleunegen an méi dicht bauen. Leider musse mer hei de Constat maachen, dass mer do net weiderkommen an och keng politesch Volontéit gesinn, déi dorop erausleeft d'Schaafung vun Wunnraum ze dynamiséieren. Éischer de Contraire ass de Fall an et huet en d'Impressioun dass de Prozedurenschungel méi dicht a méi onduerchsiichteg gëtt.

Dir Dammen an Hären,

Ech wollt iech elo keen ze däischtert Bild molen, wat Zukunft vun Land ubelaangt. Trotzdem sinn mir der Iwwerzeugung, dass de Moment komm ass an enger néier Realitéit e neien Ulaaf ze huelen. Angscht ass e schlecht Beroder, genau esou wéi Complaisance a Bequeemlechkeet.

Dat ass vläit och en Ureiz fir Parteien, déi am Moment un hiere Walprogrammer schaffen.

Lëtzebuerg huet schonn e puer mol gewisen, dass mer um Rdv sinn, wann et drop ukënnt. Dat wënschen ech eis och an dëser Situatioun an domat soen ech iech Merci fir Är Opmierksamkeit.

Dir Dammen an Hären,

Wéi all Joer wëlle mer op dëser Plaz eng Organisatioun ënnerstëtzen, déi sech fir e gudden Zweck asetzt. Sait Februar huet Lëtzebuerg ronn 4.000 Refugi'éen aus der Ukraine opgeholl. Dat stellt Strukturen hei am Land virun grouss Defien. Déi Mënschen mussen Logéiert ginn, d' Kanner mussen an d'Schoul, déi Erwuessen sichen eventuell eng Plaz.

D'Organisatioun Passerell asbl begleet d'Refugi'en op deene verschidden Etappen, wat immens wichteg, ass fir dass déi Léit séier en eng gewëssen Normalitéit eran kommen. Dofir ass et eis eng Freed, Passerell mat engem Don vun 5.000 Euro ënnerstëtzen.